

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigrations- an Asylminister weiderzeleeden.

Am Magasinn "Politico" konnt ee rezent liesen, datt d'Ministeren aus de Beneluxlänner sech iwwert de Fait beschwéiert hunn, datt vill DPlen (Demandeurs de protection internationale), déi a Griicheland registréiert sinn, nees an hier Heemechtslänner zeréckreesen, fir dann op e Neits eng Demande op Asyl ze maachen an der Hoffnung, an engem anere Land ewéi Griicheland eng Openthaltsgeneemegung ze kréien. Zäitgläich huet den RTL mam Datum vum 8. Juni den Här Minister Asselborn zitéiert mat folgende Wieder: "Wa mir keng intern Solidaritéit hunn, dass mer d'Chargen deelen, da fanne mer selbstverständlech och kee Wee, fir eens ze gi mat de Partnerlänner."


Eng weider rezent Entwécklung ass iwwerdeems, datt Griicheland d'Tierkei elo als sécheren Dréttstaat erkläre wëll, fir esou och géint déi massiv illegal Migratiounsstréim virzegoen an ze verhënneren, datt irregulär Migranten, déi iwwert d'Tierkei kommen, weiderhi kënnen eng Asyldemande a Griicheland maachen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Vu datt den Här Minister sech jo der Ausso vun de Benelux-Länner ugeschloss huet, wéi bewäert hien d'Situatioun, datt vill DPlen, déi a Griicheland registréiert sinn, nees an hier Heemechtslänner zeréckreesen an dann op e Neits eng Demande op Asyl maachen? Gesäit den Här Minister hei net e Mëssbrauch vum Asylrecht?
2. Wéi ass dat uewe genannten Zitat vum Här Minister iwwert d'Solidaritéit vun den europäesche Staaten an Aklang ze bréinge mat der Tatsaach, datt iwwert genee dëse Wee e Mëssbrauch vum Asylrecht stattfënnt?
3. Wéi positionéiert sech den Här Bausseminister am Hibleck op d'Bestriewunge vu Griicheland, d'Tierkei als sécher Dréttstaat ze erklären? Solidariséiert sech den Här Minister eventuell mat de genannte Bestriewunge vun der griichescher Republik?

4. Wann nee, wéi soll Griicheland an den Ae vum Här Minister an Zukunft virgoen, fir déi massiv illegal Migratiounsstréim, déi iwwert d'Tierkei a Griicheland kommen, ze ënnerbannen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten